ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Minister fir Economie an den Här Minister fir Energie a Klima weiderzeleeden.

Am Artikel "*G7 wrestles with its climate limitations*" deen den 11. Juni um Zitt vu "Politico" publizéiert gouf, heescht et datt China, Indien, Brasilien, Nigeria, Südafrika an Indonesien méi Zäregasemissiounen erzeegen, wéi sämtlech G7-Staaten. Laut deem genannte Bericht, deelen dës Länner dat selwer definéiert Zill vun der EU a verschiddenen anere Staate vun der Klimaneutralitéit bis 2050 allerdéngs nët. An engem rezent publizéierte Communiqué vun der Internationaler Energieagentur (IEA) heescht et doriwwer raus, datt d'Entwécklungs- a Schwellelänner hir Klimainvestissementer vun haut 150 Milliarden Dollar, bis 2030 ob eng 1 Billioun Dollar pro Joer misste steigeren, fir net genau déi Zäregaser fräizesetzen, déi d'G7-Länner mat hirer Politik vun der Klimaneutralitéit bis 2050 wëllen aspueren. Et versteet sech vum selwen, datt een all Frang nëmmen eemol kann ausginn. All déi Suen, déi dës Länner an d'Preventioun vum Zenario vum anthroprophogenen Klimawandel géifen investéieren, missten si also ob enger anerer Plaz, wéi zum Beispill dem Ausbau vum Gesondheetssecteur, aspueren. Wéi et jo och schonn aus deem zitéierten Artikel ervirgeet, ass domat ze rechnen, datt vill Länner dëse Wee aus politesche Grënn net wäerte matgoen. Mee och déi Länner, déi eng vermeintlech änlech Klimapolitik verfollegen, wéi Lëtzebuerg, setzen an éischter Linn ëmmer nach op konventionell Energieformen. Bei eisen däitschen Nopere koum déi meeschten Energie am drëtte Quartal 2020 aus Kuelekraaftwierker, am éischte Quartal 2021 aus Kuelen- a Gaskraaftwierker.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi bewäert d'Regierung d'Méiglechkeet fir Länner baussent dem G7, besonnesch déi grouss Schwellen- an Entwécklungslänner, vun enger Klimapolitik wéi d'EU se mécht, ze iwwerzeegen?
2) Wéi bewäert d'Regierung d'Käschten an de Notze vun der nationaler an europäescher Klimapolitik, wann dës Reduktioun vun Zäregaser duerch en erhéichten Ausstouss an anere Länner nees annuléiert, respektiv vun dëse souguer bei wäitem iwwertraff gëtt?
3) Gesäit d'Regierung et als eng sënnvoll Strategie, fir d'Kompetitivitéit vun der Lëtzebuerger Ekonomie duerch eng eesäiteg Klimapolitik anzeschränken, déi vu grousse Länner international net matgedroe gëtt?

4) Wéi steet d'Regierung an deem Zesummenhang zu der envisagéierter Politik vun den EU-Zäregaszoller? Wéi eng Retorsioune si vun anere Länner géint esou Taxen ze erwaarden?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**